N°2608
Entrée le 11.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n 2608 vum 15. Juli 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet wéi een d'Sécherheet vun den E-Scooteren am Verkéier verbessere kéint.

*Fro 1: Mat wéi enge Moossnamen wäert d'Mobilitéitsministesch d'Sécherheet op eise Stroossen verbesseren, sou dass et zu manner Accidenter mat oder duerch E-Scooter kënnt?*

Wat de gesetzleche Kader vun der sougenannter Mikromobilitéit ugeet, zu deenen och d'E-Scootere gehéieren, esou ass dësen am Dezember 2020 a Kraaft getrueden, an dëst ënnert anerem fir d'Sécherheet op eise Stroossen an deem Beräich ze verbesseren.

Esou definéiert de Code de la Route den E-Scooter als *mico-véhicule électrique*, dee reng elektresch bedriwwe gëtt mat enger maximaler Leeschtung vun 0.25kw, dee méi séier wéi 6km/h awer net méi séier wéi 25km/h fuere kann. Dëst Gefier ass am *Code de la Route* dem Vëlo gläichgestallt. Et gëllen also fir den E-Scooter déi selwecht Reegele wéi fir de Vëlo. Et däerf een ab 13 Joer zum Beispill net méi um Trottoir fueren. Dës Weideren däerf ee keng aner Persoun mathuelen an de Remorquage ass, genee wéi d'Drunhänke vun engem anere Gefier, och verbueden. Genee wéi um Vëlo, ass aus Sécherheetsgrënn vum Ministère recommandéiert en Helm unzedoen, mee dëst ass net obligatoresch.

Wann den E-Scooter net an dës Kategorie fält, also méi Leeschtung huet a méi séier geet, da fält en an d'Kategorie vum Cyclomoteur (50cm$^3$). An dëser Kategorie brauch een e Führerschäin, d'Gefier muss ugemellt an assuréiert sinn an et muss een en Helm undoen.

De Ministère mécht reegelméisseg Campagne fir d'Leit am Verkéier dorunner ze erënneren, dass et wichteg ass sech un d'Reegelen ze halen, fir d'Sécherheet vun alle Leit, an dass e soll respektvoll mateneen ëmgoen. Wéi fir all aneren am Verkéier ass et dofir och bei den E-Scootere wichteg, dass e sech un d'Reegelen hält. Fir de Leit dat awer nach emol an Erënnerung ze ruffen, wäert analyséiert ginn ob eng vun den nächste Sensibiliséierungscampagne sech ëm Sécherheet vun den E-Scooteren dréie kéint. Ausserdeem gëtt stänneg un der Verbesserung an dem Ausbau vum nationale Vëlospistereseau geschafft, wat och zu der Sécherheet vun den E-Scooteren bäidréit.

Luxembourg, le 11 août 2025

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes